



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

Fernand ETGEN
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 01/10/2019

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Umwelt, Klima a nohalteg Entwécklung & Tourismus weiderzeleeden.

An der Kräizerbuch goufen 2018 iwwer 32 Kilometer nei Bëschweeër duerch den Office national du Remembrement ugeluecht mam Ziel fir de Bësch weider ekonomesch z'erschléissen. Dëst Joer schéngt dëse Projet nach weider gedriwwen ze ginn a weider Aarbechten u befestegte Bëschweeër duerchgefouert ze ginn. Huesepied gi bei dësem Projet duerch 5-6m breet Schneise mat befestegte Weeër ausgebaut, respektiv nei Schneise geschloe fir d'Weeër z'erméiglechen.

An der Studie "Evaluierung der ökologischen, ökonomischen und sozialen Effekte der Waldflurneuordnung in Luxemburg" vun 2017 um Beispill vun lischpelt hunn d'Auteure souwuel d'Akzeptanz vun der aktueller Remembrementsprozedur op Basis vum Gesetz vun 1964 a Fro gestallt, wéi och den Impakt op den Naturschutz vum Weebau deen enger Optimallinn nogaangen ass amplaz ekonomesch Erschléissungsziler ze suivéieren.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Projekte vum ONR sinn aktuell a Planung respektiv an Duerchféierung?
2. Wou befannen sech déi Projeten, wéi vill Surface betreffen se, wéi vill Besëtzer si jeweils betraff a wéi vill Kilometer nei Weeër si pro Projet virgesinn?
3. Fir all Projet vum ONR, wéi eng gesetzlech Method gött fir de Remembrement genotzt?
4. Wéi héich sinn d'Käschte (pro Joer) fir déi läscht 5 Joer fir de Remembrement an d'Baue vu Weeër gewiescht?
5. Ginn d'Surface, déi duerch nei Bëschweeër dem Bësch verluer ginn, kompenséiert?
 - Wa jo, wéi vill Surface goufe pro Joer a Projet fir déi läscht 5 Joer kompenséiert?
 - Falls nee, ass d'Ministesche der Meenung datt dës Surfacen en vue vun der Klimakris missten a sollte kompenséiert ginn?
6. Schätzt d'Ministesche, dass de Bau vun neie Bëschweeër ee wirtschaftlechen Ureiz duerstellt fir de Bësch weider op d'Käschte vun ökologeschen Aspekter z'exploitéieren?
7. En vue vun der Promotioun vun alternativen "Rücketechniken", wéi zum Beispill Päerd reiden oder d'Seelbunn, ass d'Ministesche der Meenung, datt befestegte Weeër am Bësch zäitgeméiss a kohärent sinn?



www.piraten.lu



Sensibilité politique
Boîte postale 83
L-7201 Bereldange

8. Plangt den ONR nei Bëschweeër zesumme mat de jeeweiligen ORTen fir esou zumindest och eng kohärent Erschléissung fir den Tourismus "doheem" z'erméiglechen?
9. Wéi plangt d'Regierung d'Haftungsrisiken, déi an der Studie "*Evaluierung der ökologischen, ökonomischen und sozialen Effekte der Waldflurneuordnung in Luxemburg*" genannt sinn, fir Privatbesëtzer duerch nei Weeër ze kompenséieren oder ze minimiséieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

